

„Sou nit, Madame!“



Opzeichnung vun
där leschter Sendung
„Kloertext“ virun der
grousser Vakanz 2014

„Um Héichpunkt vun
de Staatsbeamte-
Manifestatiounen Mëtt
den 90er Joren war den
CGFP-Generalsekretär am
Studio. De Versuch, säi
Monolog no laange Minutten
z'ënnerbriechen, gouf vum
Jos Daleiden mat engem
pickéierten ‚Sou nit, Madame!‘
quittéiert...“

„Ech hunn dech gëschter gesinn!“ – Mat
deene Wieder hat de Portier vun der
Villa Louvigny mech begréisst, nodeem ech
mäin éischte Journal op *Télé Lëtzebuerg*
présentéiert hunn – dat war 1992.

D'Begeescherung, mat där hien dat
sot – wéi wann e mech fir d'éischte Kéier
iwwehapt gesinn hätt – war émsou méi
erstaunlech, well hie mech schonn zanter e
puer Joer als Journalistin vun *RTL Radio*
Lëtzebuerg eran an eraus goe gesinn hat.

De Saz hunn ech nach dacks héieren,
an och wa bei mir bis haut e liicht Befrie-
men doriwwer bleift, anescht wouer geholl
ze ginn – just well een, deemools an der
klenger Këscht, haut um Risebildschirm
oder och um Smartphone projezéiert gëtt
– ass et u sech ganz banal: egal wat
d'Format ass, et kënnst ee bei d'Leit an hir
Intimitéit, an da gehéiert ee quasi zu de
Miwvelen, esouguer wann net méi an der
Stuff gekuckt gëtt.

Dat ass jo och gewollt, den Usproch,
zum Alldag ze gehéieren, duerch deen ze
begleeden a vun Dag zu Dag ze erkläre
wat geschitt. Projezéiert gëtt do virun
allem awer och d'Bild vun enger Gesell-

schaft, a méi direkt wéi all anert Medium
spigelt d'Télé déi jeeweileg Realitéit vun
enger Zäit an hir Entwécklung.

An aller Rou a mat wäissen Händschen
soutz de Monteur am Tuerm vun der Villa
Louvigny do Stécker Film zesummen ze
pechen – dat war 1984 a mäin éischten
direkten Abléck, wéi deemools *Télé*
gemaach gouf. 2014 ginn d'Billen virtuell
verschafft an héichopléisend diffuséiert,
an d'Monteur mussen permanent mat der
neier Technologie Schratt halen.

1969, wéi de Sonndes-Mëttes-Ritual
mam *Hei Elei* ugoung, war de Jean Octave
nach schwaarz-wäiss, eréischt 1972 gouf
en du faarweg. Soss war hie vun enger
haut net méi denkbare Konstanz a Resis-
tenz géintwuer all Changement, sou laang
hien um Schierm war onverännert an Hal-
tung an Duktus.

Déi éischt Sätz, déi ech – dunn nach
als Student – am Stage beim *Hei Elei* sollt
soen, waren dann och net meng, mee
vun him geschriwwen: vill Wieder em
d'Wieder, vill Minutten a poetesch Exkur-
sen fir d'Prévisiounen, déi ouni Kaart aus-
koumen a seele richteg waren.



Uganks den nonzeger Joeren

Drëseg Joer méi spéit sinn d'Météos-Prévisionen – eng Woch am viraus – nach ëmmer net zouverléisseg, mee wat dat Anert betrëfft, ass d'Accélération impressionant. An dat betrëfft net just d'Technik.

Mee do ass d'Entwécklung am Gräifbarsten. Wéi ech meng Carrière bei RTL ugefaangen hunn – dunn nach beim Radio – stoungen nach manuell Schreifmaschinen an der Redaktioun, international Nouvelle koume via Telex a Copypaste war nach wiertlech ze huelen beim Opbau vun Archiven: et ass aus den Zeitungen erausgeschnidden an opgepecht ginn, vu *paperless office* huet deemools nach kee gedreemt.

Technik war net just schwéierfälleg, si war schwéier *tout court*. „Dat ass keen Job fir e Meedchen“, krut ech vun engem Kolleg gesot, wéi ech op meng éischt Demonstratioun geschéckt gouf mat engem Apparat fir opzehuelen, dee mir d'Schëller ageschnidden huet – haut passen déi modern Maschinne kamoud an eng Posch, haut kann awer och kee sech méi virstellen, esou eppes zu enger Journalistin ze soen.

Mëtt den achtzeger Joren war ech nach eleng um Radio an enger renger Männerredaktioun, et war eng Zäit, an där d'Fraen nach net fir d'Politik zoustänneg waren, mee fir de Kaderprogramm, déi sougenannt Animatioun, an op der Antenne hate si just e Virnumm. Et war dat e gutt Jorzéngt nodeem dass bestuete Fraen hei am Land d'Recht kruten, och ouni d'Erlaabnis vun hirem Mann e Konto opzemaachen.

Am *Ancien Régime* vum Sonnes-Hei Elei op der Télé war et nach wéi an de guttbiergerleche Familljen: d'Männer hunn deklariert, kommentéiert an analyséiert, an d'Fraen hu si frëndlech annoncéiert – déi eng ware Politiker a Journalisten, déi aner Speakerinnen.

De Wandel vun der traditioneller Rollenopdeeling gouf 1991 offensichtlech mam aldeegleche Journal: vun enger Koppel présentéiert, uganks zesummen, dunn eng Woch iwwert déi aner, mee ëmmer gläichberechtigt.

Mat der *Stonn fir Lëtzebuerg* koumen och aner Diskussiounsformater wéi den *Top Thema*, mee bis zu enger anerer Diskussiounskultur huet et Zäit gebraucht.

Zwar hat deen dunn nach jugendlecherfrësche Staatsminister Jean-Claude Juncker eng nei Sträitkultur gefrot, mee kritesch hannerfroen an nohaken huet net zu de Lëtzebuerger Gewunnechten gehéiert. Um Héichpunkt vun de Staatsbeamte-Manifestatiounen Mëtt den 90^{er} Joren war den CGFP-Generalsekretär am Studio. De Versuch, säi Monolog no laange Minutten z'ënnerbriechen, gouf vum Jos Daleiden mat engem pickéierten „Sou nit, Madame!“ quitéiert...

Mat der Zäit hunn ons Inviteeë geléiert dat net méi als *lèse-majesté* z'ëmmanen an hir Zäit besser anzedeele, mee och an enger méi kuerzer Ausso kann een nach komplett laanscht d'Fro äntweren, an nach eppes hunn d'Technik, gesellschaftlech Changementer an d'Accélération bis ewell net geännert: vill Gäscht – virun allem d'Politiker – freeë sech, deen aneren Dag de Saz ze héieren: „Ech hunn dech gëschter gesinn!“ – an dat gëllt fir Männer wéi fir Fraen.

Caroline Mart